ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 18/03/2025

Commission de la circulation du 05.03.2025

1. Presenzen

Présent	Absent
Eich Nico	Amaral Antonio (excuséiert)
Edert Rick	Huberty Laurent (excuséiert)
Feierstein Sascha	Reding Marc (excuséiert)
Fernandes José	Scholtes Luc (excuséiert)
Kieffer Aloyse	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Wampach Sandra	

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 02.10.2024 gouf unanime approuvéiert.

3. Zone 30

Mir hunn eis als Verkéierskommissioun d'Fro gestallt wéi mir zu den "Zone 30" an eiser Gemeng stinn an doriwwer diskutéiert. Mir hunn d'Idde gehat, fir eng Ëmfro bei de Bewunner vu verschiddenen concernéierte Stroossen ze maachen, fir si ze froe wéi hier Impressioun ass op sech un d'Zone 30 gehale gëtt oder net. Mir fannen et wichteg d'Bewunner mat anzebezéien. Mir wollten an enger 1ter Phasse ufänken d'Bewunner aus der rue du village zu Brouch ze froen. Dofir eis **Fro un de Schäfferot:** Sidd dir domatter averstanen, dass mir eng Ëmfro bei de Bewunner aus der rue du village zu Brouch maachen? Mir géingen e Kataloge mat Mesure ausschaffen déi an enger Zone 30 méiglech sinn awer och de Léit d'Méiglechkeet ginn aner Mesuren ze proposéieren.

Am Fall wou mir den OK vum Schäfferot kréien, géinge mir ufänken dëse Kataloge mat konkrete Mesuren auszeschaffen an dësen dem Schäfferot ginn, bevir mir en un d'Bewunner ginn.

Des Weidere soll all Member vun der Kommissioun sech Gedanke maache fir säin Duerf wou et "Zone 30" Zone ginn, an z'evaluéieren op sech do un 30 gehale gëtt, a falls net wéi eng Mesuren ee proposéiere kéint.

An dësem Kader wollte mir de Schäfferot froen, op et méiglech wier e Relevé ze kréien, wou d'Moyenne vun de Vitesse festgehale gëtt, déi am Agang an Ausgang vum Duerf gemooss gëtt?

Helperknapp, 18/03/2025

4. “Kanner gi liichten” Infoschëlder

Et ass opgefall, dass dëst Joer vergiess gouf d’Kanner gi liichten Infoschëlder opzeriichten. Als Verkéierskommissioun wollte mir drop opmierksam maachen, dass et wichteg ass dass dës Schëlder net vergiess ginn opzeriichten.

5. Verschiddenes

/

6. Nächst Versammlung:

Mëttwochs, den 23 Abrëll 2025 um 20:00